N°361
Entrée le 20.02.2024
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.02.2024
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/02/2024

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Gesondheet weiderzeleeden.

Zanter enger Rei Joeren recommandéiert d'Santé d'Grippe-Impfung fir eng Partie Beruffsgruppen - net just aus reng gesondheetleche Grënn, mee och aus sozioökonomesche Grënn. Et handelt sech heibäi ëm Enseignanten, Buschaufferen, Dokteren a Leit, déi am Fleegesecteur schaffen. De Staat hofft, esou Krankheetsfäll ze vermeiden, déi zu personellen Engpäss a systemkriteschen Sekteure féiere kéinten.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Wéi eng Démarchen ënnerhëlt d'Direction de la Santé, fir dës Recommandatioun deene viséierte Beruffsgruppen bekannt ze maachen?
2. Wéi eng Ënnerstëtzung kréien d'Employeuren aus deene Secteuren, fir hire Salariéen e méiglechst einfachen Accès zur Impfung ze erméiglechen?
3. Wéi geet de Staat selwer als Employeur vir, fir dës Recommandatioun bei de betraffene Beruffsgruppen ze promouvéieren ?
4. Ass dës offiziell recommandéiert Impfung fir déi concernéiert Persoune gratis? Wéi een Undeel vun de Käschten gëtt vun der Gesondheetskeess iwwerholl?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten